N°2821
Entrée le 26.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 2821 vum 1. September 2025 vun den honorabelen Deputéierten Madamm Corinne Cahen a Madamm Carole Hartmann.**

*- Wéi vill Pensioune sinn insgesamt iwwer déi lescht 10 Joer pro Joer ausbezuelt ginn ? Wéi vill dovunner goufen an d'Ausland ausbezuelt?*

Am Dezember 2015 sinn 167 367 Pensioune *vum Régime général d'assurance pension* vun der Pensiounskeess (CNAP) ausbezuelt ginn, géint 229 906 Pensiounen am Dezember 2024. Am Joer 2015 si 46,2% Pensioune vum *Régime général d'assurance pension* un d'Beneficiaire déi am Ausland wunne gaangen, an des Part ass iwwert déi analyséiert Period an d'Luucht gaangen a läit am Dezember 2024 bei 51,6%.

Dës Zuele beinhalte souwuel d'Alterspensioun, d'Invalidepensioun wéi och d'Hannerbliwwenepensioun.

**Tableau 1 : Nombre de pensions du régime général d'assurance pension par résidence (2014-2024, mois de décembre)**

| Année | Total pensions | Dont résidents | en % | Dont non-résidents | en % |
|---|---|---|---|---|---|
| 2015 | 167 367 | 90 004 | 53,78% | 77 363 | 46,22% |
| 2016 | 173 058 | 92 065 | 53,20% | 80 993 | 46,80% |
| 2017 | 178 138 | 93 842 | 52,68% | 84 296 | 47,32% |
| 2018 | 183 838 | 95 763 | 52,09% | 88 075 | 47,91% |
| 2019 | 190 495 | 98 179 | 51,54% | 92 316 | 48,46% |
| 2020 | 197 414 | 100 420 | 50,87% | 96 994 | 49,13% |
| 2021 | 204 300 | 102 931 | 50,38% | 101 369 | 49,62% |
| 2022 | 211 672 | 105 493 | 49,84% | 106 179 | 50,16% |
| 2023 | 220 137 | 108 177 | 49,14% | 111 960 | 50,86% |
| 2024 | 229 906 | 111 256 | 48,39% | 118 650 | 51,61% |

*Source : CNAP, Calculs IGSS*

*- Kann et virkommen, dass d'Keess keen Acte de décès aus dem Ausland kritt an da weiderbezilt? Muss déi Somme integral rembourséiert ginn, wann dat erausfonnt gëtt?*

*- Wéi kontrolléiert d'Pensiounskeess, dass d'Leit, déi eng Pensioun ausbezuelt kréien an net zu Lëtzebuerg sinn, nach liewen? Ginn et Kontrollmechanismen am Fall vun engem Doudesfall? Wat ass d'Prozedur an esou enger Situatioun?*

Beim Bezuele vu Pensiounen an d'Ausland verschéckt d'Pensiounskeess all Joer e Certificat de vie, deen de Pensionär am Ausland op senger Gemeng validéiere léisst. Mam Renvoi vun deem Certificat bestätegt de Pensionär, datt hien nach lieft, an dëst op der Adress, déi der CNAP bekannt ass. Gegebenefalls bestätegt hien och seng nei Adress –*Pièces à l'appui*– oder datt hien net nach nieft senger virzäiteger Alterspensioun am Ausland schafft.

Am Doudesfall vun engem Pensionär kritt d'Pensiounskeess generell een Acte de décès gescheckt. Aus dem Ausland kann dësen Envoi duerch déi Hannerbliwwen oder d'Noriicht vum Dout iwwert déi auslännesch Pensiounskeess méi laang dauere wéi hei am Land.

D'Pensioun, déi virausbezuelt gëtt, ass geschellt bis zum Enn vum Mount an deem de Bénéficiaire gestuerwen ass. All Liquidatioun vu Pensioun, déi nach nom Dout erfollegt ass, muss also rembourséiert ginn.

Mat den Nopeschlänner huet d'CNAP doriwer eraus ee sougenannten "Sterbedaten-Austausch". Mat deene Länner kënnt et monatlech zu engem Echange vun Donnéeë vu Pensionären déi nach liewen, éier d'Pensioun dee Mount ausbezuelt gëtt. Dësweideren ass ee monatlechen Suivi vun de Beneficiairen, a soumat ee Gläichschalten mat den Donnéeë vun der auslännescher Pensiounskeess, déi méi een noe Kontakt mam Bénéficiaire huet, méiglech.

Fir Pensionären déi aus iergendengem Grond et elektronesch ofgefrot konnte gi, wéi och fir Pensionären aus Länner mat deene keen esou een Echange besteet, ass de Renvoi vum Certificat de vie di gängeg Virgoensweis fir international Paiementer vu Pensiounen.

- A wéi ville Fäll hunn an de leschten 10 Joer Sue musse rembourséiert ginn an dësem Kontext? Em wéi eng Somme handelt et sech?

Et ass der CNAP net méiglech an esou Fäll nodréiglech erauszefannen, wéi eng Montanten am Laf vun der Zäit an dësem Kontext rembourséiert goufen.

D'Restitutioun vun de jeeweilege Montante gëtt gemenkerhand vun de Banken, dem Conjoint oder de Kanner vum Verstuerwenen getätegt.  Eventuell muss d'CNAP een Trop-payé bei enger Hannerbliwwene-Pensioun recouvréieren. An aner Fäll freet d'CNAP Donnéeë vun der Successioun am Ausland un a went sech un d'Ierwen. Eventuell kann och béi der Liquidatioun vun der Successioun, zum Beispill duerch een Notaire, de jeeweilege Montant rembourséiert ginn.

Ab dem Hierscht 2023 huet d'CNAP eng separat Cellule Recouvrement en place gesat fir zentraliséiert de Recouvrement vun ze vill bezuelte Pensiounen ze tätegen an den néidege spezialiséierten an internationale Know-How opzebauen. An dëser Matière dréit dëst zu enger kontinuéierlecher Verbesserung vun der Qualitéit vun der Aarbecht bäi.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Follgenden Tableau zeechent d'Dechargen op, déi d'CNAP iwwert di lescht 10 Joer huet missten accordéieren. Et handelt sech hei em Montanten déi d'CNAP net méi beim Pensionär oder sengen eventuellen Ierwe recuperéieren konnt.

| Joer | Décharge |
|---|---|
| 2024 | 500.291,73 € |
| 2023 | 245.796,23 € |
| 2022 | 361.695,74 € |
| 2021 | 130.552,75 € |
| 2020 | 146.625,97 € |
| 2019 | 187.277,70 € |
| 2018 | 295.152,51 € |
| 2017 | 202.163,53 € |
| 2016 | 175.109,20 € |
| 2015 | 140.466,02 € |

- *Wéi vill vun de Pensiounsempfänger, déi am Ausland liewe, kréien hier Pensioun op ee lëtzebuergesche Bankkonto iwwerwisen? Wat bedeit dat fir eventuell Kontrollmechanismen am Fall vun engem Doudesfall?*

Vun de ronn 121.220 Pensionären am Ausland (54% vun all de Beneficiairen), hu ronn 22.400 ee lëtzebuerger Bankkonto (Stand: August 2025 - Liquidatioun vun de Pensiounen). D'Kontrollmechanisme fir dës Beneficiaire sinn di selwecht wéi fir Beneficiaire mat auslännesche Bankkontoen.

Lëtzebuerg, den 26. September 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez